



## Resolutioun: Sécurité Intérieure

---

### Kontext

D'Héféigkeit an d'Gravitéit aus de leschten Méint a Joeren vun kriminellen Akten wéi zum Beispill schwéieren Iwwerfäll, Gewaltdoten op oppener Strooss, Drogendelikter, Iwwergrëff op Polizisten oder Abrech hunn rëm eemol gewisen datt et ëm d'Sëcherheet am Land net gutt bestallt ass. Dëst ënnersträicht wéi wichteg d'Aarbecht vun der Police ass fir eis Gesellschaft.

De Policeberuff ass fir vill Polizisten net nëmmen een Job dee si ausféieren fir hiren Liewensënnerhalt ze verdéngen, mee eng Berufung fir sech all Dag op een neits fir hir Matmënschen anzesetzen, sech selwer an hir Gesondheet an den Déngscht vun der Gesellschaft ze stellen. Grad och elo während der Pandemie déi schonn méi wéi 2 Joer undauert gëtt eis Police sou vill gebraucht wéi scho laang net méi. Dësen Job ass immens belaaschtend duerch séng oft wiesselend, divers an ustrengend Missiounen.

Mir wëllen notamment eis Polizisten um Terrain nach vill méi ënnerstëtzen, an awer dofir Suerg droen datt d'allgemeng Sëcherheet an eisem Land verbessert gëtt. Dofir sollt Politik endlech reagéieren an déi noutwenneg Schrëtt aleeden fir déi folgend Mesuren ëmzesetzen.

### Fuerderungen

- Ee Platzverweis light geet net wäit genuch, dofir sollt ee Platzverweis nom däitsche Modell en Place gesat ginn. Den legislativen Kader sollt nach dës Legislaturperiod gestëmmt ginn. An Däitschland ass esou ee "Platzverweis" fir 12, 24, oder 48 Stonne méiglech. D'Erfaarung weist do ganz kloer datt dat gutt funktionnéiert. Bei de rezente Maniffen hätt dësen Outil der Police erlabt a verschiddene Situatiounen e "Platzverweis" géint Demonstranten auszeschwätzen, an et hätt ee sie sou vun der Maniff ausschléissen kënnen.
- Vu datt et ganz positiv Erfahrungswärter am Ausland ginn, wou Bodycamme schonn am Asaz sinn, soll den Asatz vu Bodycamme vun de Polizisten bei Missiounen am öffentlechen Raum agefouert ginn ënnert der Konditioun datt all Datschutzrechtlech Froen sou schnell wéi méiglech gekläert ginn. Dowéinst fuerderen mir datt dës Projet zesumme mat der Police an der Datschutzkommissioun ausgeschafft gëtt, an nach dës Legislaturperiod ee legale Kader krit.
- Den weideren Rekrutement vun zousätzlechen Polizisten muss haut schonn fir déi kommend Joren evaluéiert ginn. Mir sinn der fester Iwwerzeugung datt een dee Wee vum weideren Ausbau vun den personellen Kapazitéiten am Kontext vum weideren Wuesstem vun der Populatioun sollt konsequent weiderféieren.



- Den Ausbau vun der Videosurveillance a Problemquartieren, wéi zum Beispill der Stader Gare oder grouss ëffentlech Parken soll onbedéngt an d'Weer geleet ginn.
- A Quartieren oder Territoiren déi un Hand vu kloer definéierte Critère als méi riskéiert ugesinn ginn fir datt kriminell Akten geschéien, sollt d'Visibilitéit vun der Police op dësen Platzen massiv erhéicht ginn fir den Drock op d'organiséiert Kriminalitéit z'erhéijen.
- De Gefaangenentransport sollt an Zukunft net méi vun der Polizist ausgefouert ginn fir datt Policeressourcen liberéiert ginn fir kënnen aneren Missiounen nozegoen. Och sollten d'Strukturen wéi d'Unisec méi Personal kréien fir kënnen Krisesituatioune selwer kënne ze geréieren. Allgemeng, sinn mir der Meenung datt sollt eng Etude gemet ginn wéi d'Police nach vun weideren Tâchen kann entlaascht ginn.
- Och sollt Police aner Fortbewegungsmëttel wéi zum Beispill Elektrotrottinetten zur Dispositioun gestallt kréien fir sech kënnen besser am urbanen Raum fortzebeweegen.
- Den administrativen Opwand vun der Policearbecht sollt weider reduzéiert ginn. De Rekrutement vun zousätzlech administrativem Personal ass eng absolut Noutwändegkeet. Dofir soll awer och de Pilotprojet deen haut schonn ënnert dem Numm "Remise/Reprise" leeft am Garer Quartier, no franséischem Virbild an an Ofsprooch mat der Justiz landeswäit agefouert ginn.
- D'Lëtzebuerger Police brauch och eng Brigade, déi sech op den Asaz bei Demonstratioune spezialiséiert. Esou eng Ekipp bannent der Lëtzebuerger Police muss schnell op d'Been gestallt ginn, déi mat Hëllef vun der franzéischer Police sollt ausgebild ginn.
- Leit déi d'Police oder d'Rettungsdéngschter aggresséieren, also all Iwwergrëff op d'Policebeamten oder d'Rettungsdéngschter déi een Akt vu Rebellioun duerstellen, müssen an Zukunft vill méi streng bestrooft ginn, notamment sollt een no franséischem Virbild d'Prisongs an d'Geldstrofen erhéischen.
- Mir wëllen datt een Demonstratiounsgesetz ausgeschafft gëtt, also ee Kadergesetz wat d'Meenungsfräiheet engersäits garantéiert, mee anerersäits eiser Police d'Méiglechkeet gëtt duerchzegräifen wann illegal, also net ugemellten Demonstratioune stattfannen. Dëst Gesetz um nationalen Niveau klären wien, wéini a wou eng Demonstratioun duerf bewëllegen. Un Hand vu kloer definéierten Critèren wéi zum Beispill dem iwwerregionalen Charakter oder engem héijen Gewaltpotenzial sollt d'Recht op Demonstrationsfräiheet kënnen ageschränkt ginn, an der Police hir Befugnisser erweidert kënnen ginn. Nei Phenomener wéi zum Beispill de gewalttätegen internationalen "Demonstrationstourismus" sollt heimat kloer encadréiert ginn. Froen wéi d'Käschtenopdeelung vun de Policeasätz an aneren staatlechen Servicer, d'Reegelen fir Streckenbegrenzung (Perimeter),



OPPE, SOZIAL  
A RESPONSABEL

d'Vermummungsverbuuet oder den Organisateur kéinten mat Hëllef vun dësem Gesetz kloer definéiert ginn.

#### Konklusioun

Mir stellen eis awer och fir datt d'Ausféierung vun dësen Moosnamen sollt begleet ginn duerch eng grouss ugeluechten ëffentlech Campagne fir de Respekt virun der Aarbecht vun eise Polizisten ze promovéieren. Dës Campagne soll de Leit den Aarbechtsalldag vun eise Polizisten méi no bréngen, an op déi physesch, an och pyschech Belaaschtungen opmierksam maachen. Des Campagne sollt net nëmmen fir de Grand Public bestëmmt sinn, mee och gezielt an all de Schoulen ëmgesat ginn fir schonn ganz fréi jonke Leit z'erklären firwat Respekt sollt virun der Aarbecht vun der Police entgéintbruecht ginn. Respekt deen déi Leit onbedéngt verdéngen déi eis Gesellschaft all Dag schützen.

*Ugeholl um CSJ Nationalkongress 2022 zu Fluessweiler*